PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/04/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Groussregioun & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Wéi de Ëmweltministère den 06.04.2022 matgedeelt huet, géingen d'theoretesch a praktesch Kenntnisser vu franséische Juegdprüfungen net méi dem Standard vun de Benelux-Länner entspriechen.

Direkt ëmgesat gëtt deemno, dass d'franséisch Juegdprüfung net méi an de Benelux-Länner unerkannt gëtt. Dëst gëllt awer net fir ugoend Jeeër, déi dës als ongenügend ugesi Prüfung virum 31.03.2022 gemaach hunn. Sie kënne weiderhin eng Demande areechen, an och fir Jeeër déi schonn e Permis hunn, ënnert sech näischt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Leit hunn hir Juegdprüfung a Frankräich gemaach an hunn aktuell eng gëlteg Permis fir zu Lëtzebuerg ze joen?

2. Kann de Ministère erklären, wisou tëschent 2014 an 2019 (QP n°1683) d'Zuel vun de kontrolléierte Klappjuegten an Juegdschäiner sech hallwéiert hunn?
   Wei hunn dës Zuelen zanter 2019 evoluéiert?

3. Gedenkt de Ministère, Jeeër a Jeeërinnen déi eng franséisch Juegdpréifung gemaach hunn an zu Lëtzebuerg dierfe joen, op hir theoretesch a praktesch Kenntnisser ze kontrolléieren a gegebenefalls Formatiounen unzebidden?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député